PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

N°1277
Entrée le 03.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.10.2024
Chambre des Députés

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/10/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau weiderzeleeden.**

Virun e puer Joren haten d'Piraten eng Diskussioun iwwert d'Pelzverkafsverbuet an der Chamber ugestouss. An enger Aktualitéitsstonn zum Thema gouf vun eiser Säit eng Motioun (n° 3031) proposéiert, an där d'Regierung opgefuerdert gouf, de Verkaf vun Zuuchtpelzer ze verbidden. Dës Motioun gouf net vun de Majoritéitsparteien ugeholl.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°5214 hat den deemolegen Landwirtschaftsminister dunn informéiert, dass hien den 28te Juni um EU-Agrarministerrot, zesumme mat 5 anere Ministeren, eng Initiativ iwwert de Verbuet vun der Pelzdéierenzuucht an der EU virgestallt huet. *"Dës Delegatioune waren sech eens, dass d'Haltungskonditioune vun de Pelzdéieren net kompatibel mat minimalen Ufuerderungen un den Déiereschutz sinn, dass d'Zuucht an d'Déiden vun Déieren nëmme fir hire Pelz ethesch net vertrietbar sinn, an dass dofir d'Pelzdéierenzuucht an der EU sollt progressiv verbuede ginn. […] Eng ganz Rei vun EU-Memberstaaten ënnerstëtzen ee Verbuet vun der Pelzdéierenhaltung an der EU".*

Zum aktuellen Zäitpunkt reegelt d'lëtzebuergescht Déiereschutzgesetz, dass d'Produktioun vu Pelzer zu Lëtzebuerg verbueden ass. Dës Reegelung verbitt awer net de Verkaf vu Pelz, deen aus dem Ausland importéiert gëtt. Deemno gëtt d'Pelzindustrie an déi domadder agoend Déierequälerei just an aner Länner verlagert.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch informéieren, wéi de Stand vun der Initiativ iwwert de Verbuet vun der Pelzdéierenzuucht an der EU ass?
   Wéi vill Reuniounen goufen et zënter der Äntwert op d'Fro 5214?

2. Ënnerstëtzt déi aktuell Regierung d'Demarche vun der Virgängerregierung?

3. Wéi eng Partnerlänner huet de Minister identifizéiert, déi d'Approche vum Pelzverbuet deelen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten